# POMPJEESVERBAND FLASH Januar 2025

Kolleginnen a Kollegen Pompjeeën am CGDIS, léif Frënn an den Amicallen,

e puer Informatiounen fir iech zesumme gefaasst:

**Reform vum Pompjeesverband**

De Pompjeesverband schafft och weiderhin un der Reform. Mir wäerten am Zäitraum Februar-Mäerz Versammlungen an de Regiounen organiséieren fir de Leit de virleefegen Projet ze presentéieren.

Ziel ass et, äre Feedback ze sammelen an eis Statuten an Reglementer deementspriechend unzepassen. Op der Generalversammlung hoffe mir de fäerdege Projet kënnen ze presentéieren. D' Ofstëmmung vun de neie Statuten a Reglementer soll an enger ausseruerdentlecher Generalversammlung méi spéit am Joer gehale ginn.

**Concourséquippen**

De Pompjeesverband ënnerstëtzt d' Grënnung vun neie Concourséquippen. Amicalen déi interesséiert sinn, kënnen concours@fnsp.lu kontaktéieren fir méi Informatiounen an och Hëllef ze kréien.

D'Grenzlandmeeschterschaften 2025 zu Ettelbréck sinn gläichzäiteg de nationale Concours an gëllen als Qualifikatioun fir den internationalen CTIF Concours, deen 2026 zu Berlin stattfënnt.

**Save the Date - Kalenner FNP 2025**

- Sonndes, 30. Maërz – Schwammmeeschterschaften zu Dikkrech
- **Donneschdes, 24. Abrëll – 19h30 Generalversammlungen zu Rodange!!!**
- Samsdes, 13. September – Grenzlandmeeschterschaften zu Ettelbréck
- Samsdes, 27. September – Pompjeescross zu Beetebuerg

Mat beschte Gréiss,

Marc MAMER
President



bureau@fnsp.lu | 49771-8093 | www.fnsp.lu | http://www.facebook.com/fnsp.lu/ | 3, blvd. De Kockelscheuer L-1821 Lëtzebuerg